N°4223
Entrée le 10.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.06.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„D'Schlass vu Schëndels gëtt den Ament renovéiert a restauréiert. Zënter Joren hebergéiert dëst historescht Gebai a bedeitend Monument aus dem Mierscher Kanton Zerwisser vun der Naturschutzverwaltung.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Wat fir Zerwisser vun der Naturschutzverwaltung sinn am Schëndelsser Schlass bis ewell ënnerbruecht gewiescht?
- Wat fir Aarbechte gi momentan am Interessi vun dëser Verwaltung duerchgefouert?
- Wat fir Aktivitéiten sollen an Zukunft am Schlass zu Schëndels stattfannen?
- Gëtt eventuell dru geduecht fir Aktivitéiten an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Miersch duerchzeféieren an d'Raimlechkeeten esou beschtens ze notzen?
- Kéint den Här Minister sech virstellen, datt d'Gemeng Miersch am Kader vun enger Locatioun iwwer een Deel vum Schlass kéint verfügen, fir esou méi Liewen op dës historesch Plaz ze bréngen (Hochzäiten, Ausstellungen, etc.)?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu